# Schwätz mat !

Sproochniveau
B1/B2
LU

## Nationalfeierdag zu Lëtzebuerg

### Wat gëtt gefeiert?

Bal all Land huet en Nationalfeierdag. Dacks feieren d'Länner op dësem Dag hir Onofhängegkeet, en Evenement aus der Geschicht oder de Gebuertsdag vum Monarch oder vun der Monarchin.

Zu Lëtzebuerg gëtt säit 1815 de Gebuertsdag vum Grand-Duc oder der Grande-Duchesse gefeiert. Den Datum huet all Kéiers gewiesselt, wann en neie Monarch oder eng nei Monarchin op den Troun komm ass. 1961 huet dunn d'Regierung den Nationalfeierdag op den 23. Juni festgeluecht. Op dësem Dag hu bal alleguer d'Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen a schaffen, fräi. D'Festivitéite fänken den 22. Juni owes mat engem **Volleksfest**, engem **Fakelzuch** an engem **Freedefeier** un. Dat gréisst Volleksfest ass an der Stad, mee d'Leit feieren och an anere Gemengen.

Den 23. Juni fänken dann déi offiziell Festivitéite moies un, mat enger Zeremonie an der Philharmonie. Zanter 2014 gëtt et dës zivil Zeremonie, wou de Premierminister oder d'Premierministerin eng Ried iwwer Lëtzebuerg an déi wichteg Evenementer aus dem leschte Joer hält. Vereenzelt Bierger a Biergerinne kréien och eng Medail fir hiert Engagement. Duerno stinn 21 **Kanouneschëss** um Programm, déi de Grand-Duc Henri éieren, esou ewéi eng Parad vum Militär. Eng reliéis Zeremonie, den *Te Deum*, gëtt an der Kathedral ofgehalen. Un dëser Zeremonie huelen och Vertrieder a Vertriederinnen vum Juddentum an dem Islam deel.

### Uerden dës Wierder de Biller zou!

(a) e Freedefeier
(b) e Kanouneschoss
(c) e Fakelzuch



© gouvernement.lu



© sip.lu



© Cour grand-ducale/Claude Piscitelli

### Erklärung

**D'Volleksfest** – en Evenement (am Fräien) mat villen Attraktiounen; d'Fest kann e puer Deeg daueren

Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

www.zpb.lu

Fir Sprooch- a Konversatiounscoursen (ZpB 2025) ISSN 3122-1114

# Wéi gëtt den Nationalfeierdag an denger Heemecht gefeiert?

a) Wat gëtt an denger Heemecht gefeiert? Wéi gesinn d'Festivitéiten aus? Fëll d'Tabell aus.
b) Tausch dech mat dengem Partner oder denger Partnerin aus! Gebrauch dofir d'Expressiounen aus der Këscht ënnert der Tabell.

| Lëtzebuerg | A menger Heemecht | Bei mengem Partner / menger Partnerin |
|---|---|---|
| **Volleksfest** | | |
| **Fakelzuch** | | |
| **Freedefeier** | | |
| **zivil Zeremonie** | | |
| **Kanouneschëss** | | |
| **Militärparad** | | |
| **reliéis Zeremonie** | | |

# Expressiounen

### Froen

- Gëtt et an dengem Land / an denger Heemecht och ...?
- Wéi eng Traditioun/ Festivitéit gëtt et ...?
- Wat feiert een zu ...?
- Wéi feiers du ... / Wéi feiert deng Famill / däi Frëndeskrees ...?
- Gees du gären op ...?
- Wéi een Evenement géifs du gären erliewen/gesinn?

### Äntwerten

- A mengem Land / a menger Heemecht gëtt et ...
- Eng wichteg Traditioun / Festivitéit ass ...
- Zu ... feiert een ...
- Ech ginn (net) gären op ...
- Nee, bei mir gëtt et déi Traditioun net.

# Diskussioun an der Grupp

- Wien huet wëlles, den Nationalfeierdag mat ze feieren? Wat maacht dir? Wat wëllt dir gesinn?
- Fannt dir esou Fester an Traditiounen wichteg fir eng Gesellschaft?

**Du hues den Text verstan?**
Scan de QR-Code a maach den Test!

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung
www.zpb.lu